



Äntwert vum Verdeeedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n° 6520 vum 21. Juli 2022 vum honorabelen Députéierte Marc Goergen

Zur Fro 1:

1. - Opgelëscht pro Joer, zënter 2017, wéi vill Persoune ware fräiwëlleg Zaldote bei der Arméi?

	2017	2018	2019	2020	2021
Unzuel un fräiwëllegen Zaldoten:	304	324	237	228	301

Dës Chiffere bezéien sech op d'Zaldoten déi asazfäeg sinn, d.h. sech an der „phase militaire“ vun hirem Engagement befinnen.

D'Zaldoten déi nach an der „instruction de base“ sinn a nach net vereedegt goufen an d'Zaldoten déi hiren Engagement ofgeschloss hunn a sech an der Rekonversioun befinnen, sinn hei net matagerechent.

2. - Opgelëscht pro Joer, zënter 2017, wéi vill Persoune ware professionell Zaldote bei der Arméi?

	2017	2018	2019	2020	2021
Unzuel u Karriärsmitgliedern	339	352	365	388	392

3. - Opgelëscht pro Joer, zënter 2017, wéi vill Persoune waren an ziville Karriären agefallt?

	2017	2018	2019	2020	2021
Unzuel un Zivilisten	143	139	155	167,7	185

4. - Opgelëscht pro Joer, zënter 2017, wéi vill Persoune si vun der Arméi rekrutiert ginn?

	2017	2018	2019	2020	2021
Zivilisten	12	14	22	21	44
Zaldoten	131	113	78	120	134
Karriärsmitgliedern	25	22	33	12	25
Offizéeschaspiranten (Militärakademie)	2	4	8	5	6
TOTAL	168	149	133	153	203

5. - Opgelëscht pro Joer, zënter 2017, wéi vill Persounen hunn d'Arméi verlooss?

Ech verweisen op d'Tableauen 6 a 7.

6. - Opgelëscht pro Joer, zënter 2017, wéi vill Persounen sinn a Pensioun gaangen?

	2017	2018	2019	2020	2021
Unzuel un Leit déi a Pensioun gaang sinn	9	18	13	9	13

7. - Opgelëscht pro Joer, zënter 2017, wéi vill Persounen hunn d'Arméi fréizäiteg verlooss (Zivil, Zaldoten a Karriärmilitären)?

	2017	2018	2019	2020	2021
Zivilisten	2	6	6	/	3
Zaldoten - virum Enn vun hierem Engagement vun 3 Joer	35	23	17	6	5
Zaldoten - während hierem Rengagement (no méi wéi 3 Joer Engagement)	0	0	0	11	11
Karriärmilitären	2	3	4	2	3
TOTAL	39	32	27	19	22

Dës Chiffere beinhalte Stierffäll an Demissiounen.

Zaldoten déi hiren Engagement (3 Joer) oder hire Reengagement (no 3 Joer) ënnerbrach hunn, fir Kaperol, Ënneroffizéier oder Militärmuseker ze ginn, sinn net agerechent.

Zur Fro 2:

	2012	2013	2014	2015	2016
Kontrakt vun 3 Joer net erfëllt	15.94%	25.00%	18.24%	16.50%	27.87%
Kontrakt vun 3 Joer erfëllt	84.06%	75.00%	81.77%	83.50%	72.14%
<i>dovunner mat 1 Joer Rengagement</i>	0.00%	0.00%	0.68%	0.00%	7.38%
<i>dovunner mat 2 Joer Rengagement</i>	0.00%	0.00%	0.00%	0.00%	1.64%
<i>dovunner mat 3 Joer Rengagement</i>	2.90%	1.25%	0.68%	0.00%	1.64%
	2017	2018	2019	2020	2021
Kontrakt vun 3 Joer net erfëllt	21.64%	15.32%	10.84%	8.57%	8.40%
Kontrakt vun 3 Joer erfëllt	78.36%	84.67%	89.15%	91.43%	91.60%
<i>dovunner mat 1 Joer Rengagement</i>	23.13%	37.90%	40.96%	-	-
<i>dovunner mat 2 Joer Rengagement</i>	2.24%	12.90%	-	-	-
<i>dovunner mat 3 Joer Rengagement</i>	2.24%	-	-	-	-

Fir d'Joren 2019 bis 2021 sinn d'Chiffere vun den Kontrakter vun 3 Joer, déi net erfëllt goufen, nach net final well dës Kontrakter nach lafen. Et ass dovun auszegoen dass déi Chifferen nach liicht an d'Luucht ginn.

Um Niveau vun de Reengementer ass ze bemierken dass d'Zaldoten zu follgenden Zäitpunkte gefrot ginn ob se reengagéiere wëllen:

- Reengagement fir dat 1. Joer: no 24 Méint;
- Reengagement fir dat 2. Joer: no 44 Méint;
- Reengagement fir dat 3. Joer: no 54 Méint.

Aus deem Grond sinn eng Rei Donnéeë fir d'Joren 2018 bis 2021 nach net disponibel.

Zur Fro 3:

Um Niveau vun den Zaldote feelen aktuell ronn 4 Leit pro Anzéien. Héichgerechent sinn dat 12 Zaldoten déi pro Joer feelen. De Fall gesat d'Unzuel vu Rekrutementer bleift um aktuellen Niveau, kéint dës Zuel duerch déi zukünfteg Engementer vun der Arméi an d'Luucht goen. Fir deem Rechnung ze droen ass dofir am neien Arméisgesetz, dat um Instanzewee ass, virgesinn d'Durée vum Engagement vun den Zaldoten vun 3 op 4 Joer ze verlängeren. Dës Weidere solle méi Kaporeel (d.h. Berufszaldoten) iwwer déi nächst Joren agestellt ginn, dëst prioritär op méi technesche Posten (z.B. Aide-mécanicien, Canonnier, Aidman an der Infirmerie, Chauffeur poids lourd). Domadder dierft an noer Zukunft séchergestallt ginn, dass d'Arméi déi néideg Unzuel vun Zaldoten huet.

Um Niveau vun Karriärsmitäläre feele ronn 120 Leit. D'Posten an den operationellen Unitéite si gréisstendeels besat. Déi onbesatene Poste befanne sech aktuell haaptsächlech am État-major an am zukünftege binationale Bataillon, dee Lëtzebuerg mat der Belsch fir 2028 opstellt. Dohier muss de genannte Chiffer och op eng Period vu 6 Joer gekuckt ginn, sou dass d'Arméi bis 2028 all Joer plangt am Duerchschnëtt 20 Berufsmilitär anzustellen. Zu deene Poste gehéieren och déi uewen ugeschwaten Zaldoteposten déi duerch Kaporeel sollen ersat ginn.

Zur Fro 4:

Zum haitegen Zäitpunkt ass et nach ze fréi eng detailléiert Opdeelung vun den zousätzleche Militärausgaben ze maachen, well déi momentan just op initialen eventuelle Piste geplangt sin. Méi genee Zuele kënnen eréischt genannt ginn, wann d'Planung vun deene Projete méi wäit fortgeschratt ass an och wann d'Diskussiounen mat verschiddenen eventuelle Partner-Organisatiounen oder -Länner méi verdéift goufen.

Déi verschidde Projete wäerten een Impakt op de Besoin u Personal hunn, esouwuel um Niveau vun der Direction de la défense ewéi och bei der Arméi. Déi Projeten, déi am Moment uviséiert ginn, déi si wéineg personalintensiv an déi néideg Rekrutementer wäerte sech iwwer déi nächst Jore verdeelen. Mee wéi vill Personal am Detail gebraucht gëtt, kann eréischt festgeluecht ginn, wann d'Planung vun de Projete méi wäit fortgeschratt ass.

Fir d'Ausschaffe vun de Projete gëtt eng bestëmmte Methodologie (DOTMLPF fir *doctrine, organization, training, materiel, leadership and education, personnel, and facilities*) benotzt, wou ënnert anerem eng genee Analys vum Besoin u Personal gemaach gëtt a wou och de Rekrutement a Betruecht geholl gëtt.

Zu de Froe 5 a 6:

D'Attraktivitéit vun der Arméi gëtt op verschiddenen Niveaue séchergestallt.

Mam Schafe vun engem neie legale Kader duerch dat neit Arméis- an d'RICO-Gesetz („Loi sur le régime d'indemnisation et de compensation opérationnel de l'armée luxembourgeoise“ dat an de kommenden Deeg an der Chamber deposéiert gëtt) ginn ënnert anerem d'Statute moderniséiert an déi verschidden Aarbechtsregimenter verbessert. Gréisste Bénéficiaire vun dëser Reform sinn d'Zaldoten, déi besser Indemnisationen a Kompensationen wéi an der Vergaangenheet kréien.

Am neien Arméisgesetz sinn 3 Karriären exklusiv fir d'Zaldote reservéiert: d'militäresch Karriären C1 („Ënneroffizier“) an C2 („Kaperol“) sou wéi d'Karriär vum Gardien de l'armée.

De Rekrutement fir déi zukünfteg militäresch B1-Karriär gesäit e Prioritéitsrecht fir Zaldote vir.

Onofhängeg vum Prioritéitsrecht vun den Zaldote beim Rekrutement an den C- an D-Karriären vum Staat, ass d'Arméi allgemeng beméit fréier Zaldoten, déi den Ufuerderunge fir zivil Plazen an der Arméi entsprechen, ze rekrutéieren.

Och wann Aspekter wéi Remuneratioun, Primmen a Congéen zur Attraktivitéit bäidroen, ass et awer schlussendlech d'Käraarbecht vum militäresche Beruff déi d'Arméi attraktiv mécht. Dozou gehéieren z.B. den Training, d'Exercicer an d'operationell Asätz. Trotz hirer bescheidener Gréisst, ass och déi grouss Diversitéit vun Aarbechtsberäicher (vun Reconnaissance, iwwer Logistik, Kommunikatiouns- an Informatiouns-Systemer, Drone bis hin zur Aviatioun) e groussen Atout vun der Arméi.

Lëtzebuerg, den 22. August 2022

(s.) François Bausch

Verdeedegungsminister